N° 5174
Reçue le 02.11.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.11.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 2. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

De CovidCheck ass mam neie Gesetz op ëmmer méi Platzen am gesellschaftleche Liewen en Place. Leit, déi weder geimpft nach erëm genese sinn, brauche laut dësem also mëttlerweil een zertifiéierten Test fir op esou Platzen eranzekommen. An de soziale Medie liest een awer vill Rumeuren, dass Leit sech een Impfzertifikat vu Kolleegen oder Familljemembere géingen op hiren Handy kopéieren, fir de CovidCheck esou ze ëmgoen an deemno de ganze System a Fro ze stellen.

Ech wéilt dofir folgend Froen un d'Madamm Minister stellen:

- Weess d´Madamm Ministesch eppes vun esou Praktiken?
- Wann jo, ginn hei spezifesch Kontrolle gemaach? Wéi vill Leit si schonn erwëscht ginn?
- Mat wéi enge Sanktioune musse Leit rechnen, déi mat esou „Fälschungen" erwëscht ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéiert

N°5174
Reçue le 08.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Gesondheetsministesch, der Justizministesch an dem Minister fir bannenzeg Sëcherheet op d'urgent parlamentaresch Fro n° 5174 vum 2. November 2021 vun der honorabeler Députéierten Nancy Kemp-Arendt**

Laut dem modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert *d'Mesures de lutte contre la pandémie Covid-19* ass déi Persoun, déi verantwortlech ass vun der Plaz wou den Evénement stattfënnt oder den Organisateur vum Evénement, en charge fir de "contrôle à l'entrée" ze assuréieren. D'Police konnt bis elo keng Infractioune feststelle wou Leit soi-disant Impfzertifikater vun anere Persounen virgewisen hätten.

Jiddereen deen zu Fäll vun enger Infractioun oder Fälschung Informatiounen huet, as gebieden dës der Police zoukommen ze loossen.

Et sief och drun erënnert, dass de Code pénal, an den Artikelen 193 bis 210, eng ganz Rëtsch vu Fäll an Hypothese virgesäit, an deenen eng Persoun sech strofbar mécht duerch Fälschungen an/oder de Gebrauch vu Fälschungen. Wéi en Artikel a wéi engem Fall applikabel ass hänkt vun den faktuellen Eenzelheeten of, déi vu Fall zu Fall kënne verschidde sinn. D'Strofen, déi di Artikele virgesinn, sinn der Gravitéit vun deene verschiddenen Eenzelfäll ugepasst a gesinn, zum Beispill, eng Reclusioun vun 10 bis 15 Joer vir, oder och eng Prisongsstrof vun engem Mount bis dräi Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 12.500 Euro vir.

Lëtzebuerg, den 08/11/2021

D' Ministre de la Santé

(s.) Paulette Lenert